

Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Léif Leit déi eis elo vun doheem am Livestream nokucken,

De Kolleeg Georges BECK als dësjäreg Budgetsrapporter huet scho vill iwwert d'Zuelen am Budget geschwat, dofir probéieren ech mech mat den Zuele kuerz ze faassen a wäert iech an den nächste Minutten iwwert d'Kultur, Sport, Museksschoul an Tourismus schwätzen.

Kultur

Als Prääsident vun der Kulturkommissioun an als Member vum Kulturkrees Hesper, a beschter Zesummenaarbecht mat eiser Kulturschäffin Diane ADEHM, an ech profitéiere vun der Geléjenheet dem Diane fir déi gutt Zesummenaarbecht villmools Merci ze soen, hu mir iwwert déi vergaange Summeren ewech e volle Succès mam anzwëschenzäitlechen iwwert d'Gemegegrenzen eraus bekannten „Hesper Kultursommer“. E villfältege Programm mat all Genrë vu Museksrichtungen wou fir jidderee vun eise Matbierger eppes derbäi war, ech wëll kuerz opzielen;

- Rock am Park,
- Classic am Parc,
- a wien erënnert sech net un de Super Optrëtt vun der Original Band „Gipsy Kings“,
- an den Tribute Bands wéi Abba oder Coldplay fir nëmmen dës nach eng Kéier ze ernimmen.

Bei dësen Evenementer muss een ervirsträichen dat et net nëmmen ëm de musikaleschen Deel geet, méi dëst och en zesummekommen ass vu villen Leit, mat vill verschiddenen Nationalitéiten, Sproochen a Kulturen, an sech nienwenbei och nach als **déi perfekt Integratiounsméiglechkeet** ubitt.

Desweideren huet eisen „Kultursommer“ och nach dee flotte finanziellen Nieweneffekt fir eis lokal Veräiner déi sech beim Iessen a Gedrénks bedeelegen. D'Zuele beleen dëst wann een d'Lëscht vun de Veräiner kuckt déi hier Participatioun ausbezuelt kruten. Heimat och nach eng Kéier e grouse Merci un all Veräiner déi eis ëmmer erëm tatkräfteg dobäi ënnerstëtzen!

Fir eisen Nationalfeierdag dat nächst Joer am Juni, plange mir e speziellen an attraktive Programm eise Matbierger am Parc op d'Been ze stellen.

Eng „Histoiresch Kiermes – Kiermes ewéi fréier“ am Park ass eng weider Iwwerleeung fir d'Zukunft.

An deem Kontext kann ech et absolut begreissen dat eis Gemeng déi schéin Traditioun vu Kiermes'en an eisen Uertschaften erëm frësch opliewe gelôß, an et erméiglecht huet, dat den Houwald an Alzeng no ganz laanger Zäit erëm hier Kiermes mat Kiermesbuden kënne feieren. Et ass wichteg fir eis Gesellschaft dat dës al Traditiounen erhale solle bleiwen.

Desweideren huet d'Gemeng eng nei „Mobil Bühn“ ugeschaaft, déi zousätzlech zu där déi am Summer am Park opgebaut gëtt. Sou ass et méiglech dës kuerzfristeg op verschiddenen Plazen opzebauen, fir dass och eis Hesper Museksschoul a weider kulturell Veräiner aus eiser Gemeng dës zum Beispill um KIOPA oder soss enzwousch an eiser Gemeng kënne benotzen.

Ech wëll och de Wanterflair mat eisem flotte Chrëschtmaart während 3 Weekender ernimmen. Och hei gëtt et en ofwiesslungsräiche Programm mam Kleeschen fir eis Kanner, Partyen fir eis Jugendlech, Thé dansant um Sonndegmëtteg an déi beléiften „Kulinaresch Themenowenter“, an och hei kann ee vun engem volle Succès schwätzen, an eis Veräiner huelen och dës „Recettes de participation“ dankend un.

Mee eis Kultur fënnt net nëmmen am Summer als „open-air“ statt, nee an eisem CELO fanne vun der Gemeng organiséiert an ënnerstëtzen uspriechend Concert'en statt wéi den traditionellen Neijoerschconcert mam OCL oder mat der Big Band vun den „Bankers in Concert“ fir nëmmen dës ze nennen.

Ech erënneren och un déi formidabel Expo „HespArt“ dat lescht Joer am Foyer vum selwechten CELO. All dëst si Grënn wisou de Budgetsposte Kultur kontinuéierlech, an dëst och zurecht erop geet.

An Zukunft wëlle mir déi kulturell Offer mat Theater, Kabaret, Comedy, Liesungen, a weideren Idéen nach erweideren.

Mam neie Centre Civique gëtt Ufank 2024 eng zousätzlech Infrastruktur a Betrieb geholl wou Kultur, Gesellegkeet a Sport fir d'Kanner aus dem Cycle 1 ka bedriwwe gin.

Museksschoul

E Wuert an e puer Zuelen zu eiser Museksschoul déi een och zu eisem Kulturliewen zielen dierf;

673 Schüler, 1102 Inscriptiounen mat engem Total vu ronn 340 Stonne pro Woch déi vun 32 Proffen a Chargéé betreit gin, dëst op 29 Departementer opgedeelt, sinn de Garant vun engem villfältege Kulturliewen, a Garant fir d'Zukunft vun eise lokale Museksgesellschaften a Gesangsveräiner. Dëst huet wuel säi finanzielle Präis, mee mir sinn eise Kanner a Museksschüler dat schëlleg.

Ech erënneren un déi 3 Weekender um Sonndegmoien am Fréijoer déi eis Museksschoul mat hiren Chargées de cours ënnert dem Thema „Musikalesche Leckereien“ am CELO ugebueden huet, dat war vun der Extra-Klasse an de Sall war déi 3 x bis op déi leschte Plaz gefëllt, a mir freeën eis elo schon am Mäerz op déi nächst Editioun!! Dës Optrëtter gin desweideren Méindes dono de Schoulklasse presentéiert.

Luwenswäert ass och déi gutt Entente mat de lokale Museksveräiner wou Optrëtter mat de Schüler vun der Museksschoul an den Ensemele vun der Fanfare vun Izeg resp. der Harmonie vun Hesper stattfannen.

Sport

Och de sportlechem Beräich ass der Gemeng Hesper ganz wichteg. Hei gëtt weiderhin geplangt a realiséiert, sou konnt 2023 déi nei Sportshal II um Holleschbiërg fäerdeg gestallt an ageweit gin, sou dat de

- Basketball Telstar,
- de Volleyball Fenteng,
- den Houwalder Dëschtennis,
- de Fiederball Izeg,
- d'Indiaca Jumpers,
- de Kampfsportclub
- an de Klôterclub nach weider a besser Trainingsméiglechkeete kritt hunn.

Wat den aktuelle Site vum Houwalder Tennis ubetrëfft, den aktuell wéinst dem Chantier vum Tram an der Ëmgestaltung vun der rue des Scillas an enger schwiereger Phase ass, sollte mir eis wierklech iwwert dësem seng Lag an der rue des Scillas Gedanke maachen a Léisunge fannen.

Um Lieu-dit „Espan“ wéi och um Holleschbiërg gi nei synthetesch Trainingsterrain'e fir déi sëllege begeeschtert jonk Fussballspiller ugeluecht.

Mat der Fäerdegstellung am Hierscht vum nächste Joer vum neie Lift aus dem Duerfzentrum vun Hesper erop op den Holleschbiërg, erméiglecht dëst ënnert anerem och de villen jonken Sportler hieren Sportsterrain oder Sportshal op engem méi gesécheren a schnelle Wee ze errechen.

Nei Vëlospiste sinn uechtert d'Gemeng an der Planung, esou wei de Goerges schonn erkläert huet, esou eng Verbindung tëschent dem Izege Plateau déi dann an der Géigend vun der Gantenbeinsmillen un déi bestoend Vëlospist kann ugeboune gin 2024 realiséiert gëtt.

Tëschent Izeg an Hesper wéi och vum Houwald duerch de Bësch erof op Hesper bei d'Drousbëch si weider Projeten.

Fir d'Kapazitéit vum Stroum um Holleschbiërg, an den Haalen wéi och op den Terrain'en ze garantéieren huet en zousätzlechen Transformator missen en Place gesat gi.

Um "Stade Alphonse Theis" huet eng Remise en état vum Hybrid Wues an der Berieselungsanlag iwwert déi Summerméint stattfonnt.

No bal 25 Joer wou dëse schéine Stadion besteet, muss dësen an noer Zukunft en „face-lifting“ kréien fir de Stadion UEFA gerecht ze maachen, hei gëtt eng gewëssen Unzuel vu Sëtzplazen verlaangt. Dëst ass warscheinlech nëmmen duerch eng zousätzlechen Tribün de face ze realiséieren, a wann da schonn um Fiels gerappt gëtt, soll dës Geleeënheet genotzt gin fir dat de Stadion mat allem Néidegen auszestatten gëtt wat erfuerdert ass, esou wéi dëst och op de meeschten aneren BGL League's Terrain'en hautzedaags schonn de Fall ass.

Wat de Volet „Hesper beweegt sech“ an eiser Gemeng ugeet, hu mir mam Jonathan Proietti en neie kompetenten a jovialen Coordinateur Sportif agestellt, dem Jonathan.... deem ech vun dëser Platz aus fir säin Asatz wëll villmools Merci soen. Mat him sinn e sëllegen nei Coursen entstanden. D'Inscriptiounen an dës Coursen beweisen de volle Succès vun dëser Initiativ.

Ech wëll dann awer e puer Chifferen ernimmen wat d'Gemeng un **Extra-Subsides** an eis Sports, Museks a Gesangsveräiner investéiert;

Un eis Sportsveräiner:

Subside ordinaire: 38.500 €

Subside jeunes: 98.500 €

Subside encadrement: 24.800 €

Waat e gesamt montant vun ronn 162.000 € bei 1.400 Kanner ausmëscht

Un eis Museksveräiner

Subside ordinaire: 14.000 €

Subside jeunes: 2.500 €

Subside encadrement: 1.600 €

Insgesamt 18.100 € bei 35 Kanner

An un eis Choralen

Subside ordinaire : 10.000 €

Subside jeunes : 2.000 €

Subside encadrement : 3.200 €

Wat en total vum 15.200 € bei 29 Kanner ausmëscht.

Tourismus

Natierlech sin ech och frou datt d'Gemeng Hesper den Tourismus an d'Geschicht vun Hesper ënnerstëtzen. D'Haus Baumert um Hesper Schlass dat deemnächst renovéiert gëtt, soll an Zukunft mat der Ënnerstëtzung vun eisen „Geschichtsfreënn“ ënnert anerem den interesséierten Touristen Informatiounen iwwert d'Buergruinen an d'Geschicht vun Hesper gin.

De Camping „Bon Accueil“ zu Alzeng huet iwwert déi lescht Joeren ëmmer méi u Beléiftheet bei den Touristen gewonne. Well nëmmen nach 2 Campinger ronderëm eis Hauptstadt bedriwwe gin, geet deemno d'Nofro ëmmer méi grouss, dëst duerch seng zentral Laag a gutt Uschloßméiglechkeet wéi zb iwwert d'Vëlospist oder de gratis ëffentlechen Transport fir d'Alstad besichen ze goen.

Fir de Gäscht en adequaten funktionellen a modernen ugepassten Openthalt/Vakanz kënnen unzebidde mussen d'Infrastrukture wéi den Accueil, Sanitär, Elektromobilitéit, Ôffallwirtschaft, Ëmweltkrittären asw. komplett op de Leescht geholl, erneiert an den heutegen Obligatiounen ugepasst gin, sou dat et méiglech gëtt fir de Camping an Zukunft enger Bewäertung an Klasséierung säitens dem Wirtschafts- a Mëttelstands Ministère ënnerzéien ze lôßen.

Mat engem neie Minister, deen esouwuel Kultur wéi och Tourismus ënnert senger Responsabilitéit huet, erhoffe mir eis dat déi 2 Doiner nach méi no beieneen wäerte réckelen.

Fazit a Merci

Schlussendlech wëll ech eisem Buergermeeschter mat sengem Schaffenrôt luewen a Merci soen fir déi Budgeten die sie dei lescht Joren bereet woren an de Sport, Kultur an Tourismus ze investéieren. All déi héisch Investissementer an den opgezielten Doiner hunn aus eiser Gemeng datt gemaach wat se haut ass a wou d'Leit gäre wunnen, liewen an zesumme kommen. Et kann é roueg behaapten dat sie dat „en bon père de famille“ bedriwwen hunn. Parallel zu dësen héijen Investissementer hu sie et och nach fäerdeg bruecht eis Gemeng scholdefräi ze maachen an deemno „eng 0 Euro Pro Kapp Verschëldung“ Enn 2023 kënnen ze presentéieren . Et gin net vill Gemeng hei am Land déi dé Spagat hi kréien.

Ofschléissend wëll ech och eisem

- Service Financier an alle weidere Bedeelegten déi un dësem Budgets-Dokument matgeschafft hunn ee grouse Merci aussprieche, fir déi vill a perfekt Aarbecht déi **sie** a stonnelaanger Aarbecht am Sënn vun eiser Gemeng gemaach hunn.
 - Ech wëll och d'Finanzkommissioun mat hirem Präsident dem Bob MULLER net vergiessen grad wéi hirer Sekretärin vun der Kommissioun, dem Myriam FEYDER fir säi Rapport deen hatt verfaasst huet
 - Last but not least dem Kolleg Georges BECK, dem dësjärege Budget-Rapporteur fir seng wéi vun him gewinnte perfekt Analyse vum Budget.

An deem Sënn soen ech Iech alleguerte villmools Merci fir d'Nolauschten a wënschen elo scho jidderengem hei bannen a beim Livestream schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch!